

1.12

Adventsfenster
Hoffelt Barteshaus
16.30 Auer

2.12

Adventsfenster
Elwen
Paschtouichaus
18.30 Auer

3.12

Adventsfenster
Kapell Wëntger
18.30 Auer

4.12

Adventsfenster
Elwen
14.30 Auer

9.12

Lichter-
prozessioun
Holler
18.30 Auer

12.12

Adventsfenster
Hautbellain
17.30 Auer

13.12

Stärentour
Leetem
19.30 Auer

15.12

Familljemass
Wilwerdang
10.15 Auer

15.12

Klénkanner-
seening
Tratter Strooss
15.30 Auer

18.12

Adventsfenster
Apdikt Elwen
19.30 Auer

19.12

Krëppespill
Maison Relais
Elwen
15.30 Auer

20.12

Adventsfenster
Boxhorn
19.30 Auer

21.12

Krëppefeier
Brachtenbach
19.00 Auer

24.12

Astëmmung fir
kleng Kanner
Huldange
15.30 Auer

24.12

Krëppespill
Boxhorn
16.00 Auer

Liäwegen



Adventskalenner

Org. Par Wëntger Hëlleg Famill an Par Elwen-Wäiswampich Saint François

Koordinatioun: Ingrid Scholzen (Pastoralreferentin)

Adventsfensteren an der Par Wëntger Hëlleg Famill

Sonndeg, den 1. Dezember zu Hoffelt am Barteshaus ëm 16.30 Auer
D'Massendinger an die grouss Kanner invitéiren op hir Adventsfenster zum Thema „Deelen a Beschenken“ am Barteshaus. Bei deser Adventsfenster seent den Diakon déi gebastelt Geschenker fir die aal Lékt aus der Par Wëntger die am Altersheim sinn. Dono verkoofen d'Massendinger Kichelcher a Kärzen fir hir eegen Keess.

Dasdig, den 3. Dezember zu Wëntger bei der Kapell ëm 18.30 Auer
Adventsfenster zum Thema „Der grüne Zweig“ bei der Kapell. Dono gemittlecht Zesummensinn an der Kapell. (Org. d'Kapellenfraen Wëntger)

Sonndeg, den 15. Dezember op der Trätter-Strooss ëm 15.30 Auer
Dimanche, le 15 décembre à Troine-Route à la chapelle à 15h30
Chrëstgeschicht mat Kannerseening bei der Krëppchen an der Kapell. Dono gemittlecht Zesummensinn beim Denise Schickes an der gehëtzer Garage. (Org. Equip Kléngkannerpastoral Wëntger)

Fregdeg, den 20. Dezember zu Boxer bei der aler Schull ëm 19.30 Auer
Adventsfenster zum Thema „Die Weihnachtsmütze“ bei der aler Schull. Dono gemittlecht Zesummensinn an der aler Schull. Musek a Gesank mat Laura Schmit a Fernand Scholzen. (Org. Martha Kirsch, Tanja Van Werweke, Brigitte Kreuz)

Samsdeg, den 21. Dezember zu Bruechtebach bei der Kierch ëm 19.00 Auer
Krëppefeier zu Bruechtebaach ëm an an der Kierch. Feier bei der Krëpp an der Kierch mat dem Gesank ëm 19.00 Auer. Dono invitéiert de kléngsten Chrëstmaart op ee Glühwäin. (Org. Gesank, Spuerveräin a Jeunesse)

Hëlleg Owend – Dasdig, den 24. Dezember ëm 16.00 Auer an der Kierch zu Boxer

Krëppespill mat de Kanner aus der Kateches (Org. Romain Benick)

Adventsfensteren 2019

an der Par EWe Saint François

Mondig, den 2. Dezember zu Èlwen beim Paschtouer ëm 18.30 Auer
Adventsfenster am Gaart vum Pastouichaus beim Paschtouer Michel Meyer. Entrée rue de la ferme.

Mëttwoch, den 4. Dezember zu Èlwen am Réfectoire ëm 14.30 Auer
Adventsfenster zum Thema „Ein Geschenk vom Nikolaus“ mat der Elwenter Chorale. Dës Adventsfenster fënnt dobannen statt a riicht sech besonnisch un eeler Leit. (Org. Amicale vum 3. Alter Elwen)

Mondig, den 9. Dezember zu Holler an der Kierch ëm 18.30 Auer
Besënnlech Aféirung an der Kierch an dono Liichterprozessioun bei d'Muttergottes am Bam mat dem Männerchouer, de Sänger van der Heed an de Pompjën. Dono gemittlech Zesummensin am Sall zu Holler.

Donneschdeg, den 12. Dezember zu Beeslék ëm 17.30 Auer
Adventsfenster zum Thema „Engel“ bei der Famill Mensen-Fischbach 4, no Fraeschbich zu Hautbellain. (Org. Famill Mensen mat Anne Simon)

Fregdeg, den 13. Dezember Stärentour zu Leetem ëm 19.30 Auer
Stärentour zum Thema „Verschidde Gesiichter“ mat Jonken an de Sänger van der Heed. Den Départ ass an der Kapell zu Leetem. Mat Faakelen an Impulser geet et dann virun bis bei de Stär op d'Grillplaz wou eng Adventsfenster belicht ass. Mat enger warmer Zopp kann een sech opwiermen. (Org. Antoinette Reiff a Josée Huveneres mam Kulturverein)

Sonndeg, den 15. Dezember ëm 10.15 Auer zu Wilwerdang an der Kierch
Familljemass am Advent mat dem Canto dos Anjos, dem Adesso an der Chorale van Wilwerdang. (Org. Equip Familljegottesdingscht EWe)

Mëttwoch, den 18. Dezember zu Èlwen bei der Apdikt ëm 19.30 Auer
Adventsfenster zum Thema „Hoffnung“ bei der Apdikt 1, rue Milbich zu Èlwen. (Org. Equip aus der Apdikt)

**Donneschdig, den 19. Dezember zu Ëlwen an der Maison Relais
ëm 15.30**

Krëppespill mat Kannerseenung zur Geschicht „D'Jesuskëndchen ass
verschonnen“ am 3. Stack van der Maison Relais A Schmatts 3, rue de
la ferme.

Hëlleg Owend – Dasdig, den 24. Dezember zu Huldang ëm 15.30 Auer

Astëmmung op Chrësttag fir kléng Kanner mat engem Krëppespill van
den Huldanger Kanner. Des Astëmmung dauert 30 Minuten, um Ënn
ginn die kléng Kanner geseent. Die Huldanger Fraën zervéieren Glüh-
wein a Gebäck. (Org. D'Familljen Neissen, Thelen, Arens a Schmitz)

Liäwegen Adventskalenner 2019

Och an desem Advent gi mer an der Par Elwen-Wäiswampich Saint
François an an der Par Wëntger Hëlleg Famill Chrësttag entgéint van
Fënster zu Fënster. Op verschiddene Plazen gët eng Adventsfënster
beliicht am Kader van enger klénger Feier (25 Minuten), déi dobaussen
oder dobannen stattfënnt. Invitéiert ass jidfereen : Kanner a Familljen,
Jonker, Erwuessener an eeler Lékt. Den Erléis vam liäwegen Advent ass
dëst Joer fir den Télévie.

Jidfereen ass häerzlech wëllkomm !

Den Erléis vam Liäwegen Adventskalenner 2019 ass fir den Télévie!

